



ziele se net op; d'Gefor wier ze grouss, fir een ze vergiessen. Op dëser Plaz wëll ech hinnen all Merci soen: Merci fir Äert Engagement! Merci fir de Flüchtlingen ze weisen, dass si hei gutt opgehuewe sinn!

Jo, d'Solidaritéit ass grouss, mä mir däerfen eis awer näischt virmaachen! Déi Solidaritéitswell kéint ganz séier ofhuelen. Eng negativ Noricht, en opfällegt Verhale vun engem Eenzelne kéint duergoen, dass d'Stëmmung kippt. Besonnesch an deene Momenter wäert et wichteg sinn, net zouzeloossen, dass esou Eenzelfäll d'Akzeptanz vun de Flüchtlinge bei eis a Fro stellen.

Här President, ech wëll op dëser Plaz och d'Gemengen net vergiessen. Et sinn nämlech haapt-sächlech d'Gemengen, déi an enger zweeter Phas eng ganz wichteg Roll wäerte spillen. Ech sinn d'ailleurs begeeschtert, wéi vill Gemenge mam gudden Beispill virginn. D'Gemenge wäerten nämlech virun allem bei der Integratioun eng ganz wichteg Roll spillen. An dat geet wäit iwwert d'Fro vum Wunnen eraus.

Ech ginn zou, d'Skepsis ka grouss sinn. Packe mir dat? Geet dat gutt aus? Viru véier Joer sinn an der Gemeng Dippech Flüchtlingen opgeholl ginn an an deem Kontext hat d'Gemeng d'Bierger op en Informatiounsowend invitéiert. Och deemools hu verschidde Bierger sech Suerge gemaach an hu gefaart, fir an Zukunft hir Gaardemiwel kënne dobause stoen ze loosse, an hu gefaart, dass an Zukunft méi géif agebrach ginn. Scho kuerz drop hunn déiselwecht Leit mir verzielt, wéi gutt hir nei Nopere sech integréiert hätten a wéi gutt d'Zesummeliwien dach wier.

Mä trotzdem mussen mir d'Bedenke vun de Leit eescht huelen. An dofir däerfe mir net ophalen, mat de Leit ze schwätzen, ze erklären, ze vermëttelen. Op kee Fall däerf een déi Diskussioun deenen iwwerloossen, déi mat hiren extremisteschen Iwwerzeegungen am Feier stëppelen. Ech begreissen, dass d'Lëtzebuurger Justiz schonn a verschiddene Fäll an de soziale Medie konsequent duerchgegraff huet. Ech wëll si encouragéieren, dat och an Zukunft ze maachen.

Här President, ofschléissend wëll ech nach drun erënneren, dass an der Flüchtlingsfro keng Plaz fir Parteipolitik ass. Erlaabt mer opzehale mat engem lichte émgännerten Zitat vun der däitscher Kanzlerin Angela Merkel: „Mir müssen eis net dofir entschëldigen, dass mir an enger Noutsituatioun e frëndlecht Gesiicht weisen.“ Ech fannen, domat huet si absolutt recht!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och dem Här Hahn. A lescht ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Taina Bofferding (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an der ganzer Diskussioun ronderëm d'Flüchtlingspolitik däerfe mer net vergiessen, dass et hei net just ëm reng Demandeur geet, deenen hir Fäll bürokratesch nom Asylrecht opgeschafft ginn, mä et geet ëm Mënschen, déi oft Schlëmme erlieft hunn an deenen hire Wonsch et ass, eng hoffnungsvoll Zukunft a Friden an a Sécherheet ze hunn.

All Schicksal huet eng Geschicht. All Flüchtling huet eng Geschicht. Fir traumatesch Erlebnisse veraarbechten ze kënnen an nees en neit Liewen opzebauen, brauche Flüchtlingen net nëmmen Zäit, mä virun allem och speziell geschoulte Fachleit, déi sech ëm se këmmere. Hinnen ass d'Liewen hei zu Lëtzebuerg friem. All Dag bréngt vill nei Froe mat sech, sief et den Émgang mat den Administratiounen, déi friem Sprooch oder déi ongewinnte Verhalensweisen. D'Mineuren, déi ouni Begleedung an eisem Land ukommen a vläicht esouguer op der Flucht hir Famill verluer hunn, ëm déi jonk Leit mussen mer eis besonnesch këmmere.

Mir kréie vill Défien ze managen a mir müssen eis bewusst sinn, dass dat net alles automatesch ofleef. Mir müssen eis dofir d'Moyene ginn. Mir hunn nach déi zwou Direktiven aus dem Paquet asile ëmzesetzen. Begreissenswäert ass, dass d'Regierung Enn September Amendementer eragereecht huet, fir op déi aktuell Situatioun nach besser kënnen ze reagéieren.

Bei alle Mesuren, déi mer huelen, muss d'Solidaritéit eisen Optrag sinn, a besonnesch dann, wa Schwieeregkeeten a Belaaschtungen optauchen. Et kritt dofir och elo keen anere Mënsch hei am Land eppes manner. D'Versuerung vu Flüchtlinge mécht hei am Land kee méi aarm. Et ass net esou, wa mer Flüchtlingen hëllefen, dass mer déi aner am Ree stoe loosse. Dat steet fir d'LSAP net zur Debatt. Leit, deenen et schlecht geet, déi mussen weiderhi gehollef kréien.

Deen, deem awer elo deem enge säi Misär géint deem anere säi Misär ausspillt, mécht

näischt anescht wéi Ängschten ze schüren, an dat ass eng reng Stëmmungsmaach géint Schutzbedürftiger amplaz vun tatkräfigen Aktiounen.

Ëm d'Leit am Alldag këmmert sech den OLAI a leescht eng wonnerbar Aarbecht. Awer grad emol - an dat muss een awer och fairerweis soen -, grad emol sechs Assistantes sociales stinn den Demandeur ronn zéng Minutten am Mount zur Verfügung. An dat geet bei Wäitem net duer! Am Projet de loi „accueil“ ass eng Personalopstockung virgesinn, déi mer als sozialistesche Fraktioun begreissen.

D'Hauptfro bleift awer nach ëmmer, wéi a wou d'Demandeuren ënnerbruecht solle ginn. Et gëtt vill Gemengen, déi sech der Verantwortung stellen an eng Hand mat upaken. Bei der Ennerbréngung, falls machbar, soll gekuckt sinn, d'Leit net op e Koup ze vill zesammenzedrécken, esou dass herno Ghettoen entstinn an eng Integratioun bal net méi méiglech ass. Och däerfen déi Verdräwwe net einfach an der Struktur geparkt ginn a vum System total ofhängeg gemaach ginn. Et däerf net esou sinn, dass op där enger Säit alles bis an den Detail virprogramméiert ass an op där anerer Säit keng Reizier do sinn, fir dass si autonom kënnen liewen.

Selbststännegkeet amplaz erléiert Hëllefseegkeet soll de Credo sinn! Déi, déi an der Lag sinn, müssen d'Méiglechkeet kréien, hirt Liewe méi autonom kënnen ze gestalten. Wa mer awer Mënsche méintelaang, jo, jorelaang an der Waardeschläif hänke loosse, da bréngt dat weder hinnen eppes nach der Gesellschaft. Au contraire, et schafft Frustratioun, Resignatioun an heiansdo och Aggressioun!

Opgrond vun den Iwwerleeunge vun Associatiounen, déi um Terrain aktiv sinn an och um Terrain schaffen, ass d'Iddi vum Projet d'accompagnement entstanden, en interessant Instrument, fir d'Integratioun ze favoriséieren. An den éischte Méint spillt d'Gesetzgebung wéi bis elo. Et ass eréischt no engem hallwe Joer, wou d'Flüchtlinge kënnen opgrond vu feste Kritäre vum OLAI e Projet d'accompagnement proposéiert kréien. De Flüchtlinge steet et also fräi, do matzemaachen. Mä op alle Fall sinn do vun hirer Säit eng ganz Partie vun Engagementer gefuerdert. Esou e Projet muss och nach e positiven Avis kréien a gëtt da weider ënner Begleedung ëmgesat.

Et ass also net esou, wéi oft dobause behaupt gëtt, dass mer hei e Recht schafen, dass een automatesch Geldleeschtungen amplaz Sachleeschtungen no e puer Méint zegutt huet.

Well d'Integratioun och ganz gutt duerch d'Aarbecht gelénge kann, ass et wichteg, adequat Plazen ze offéieren. D'sozialistesche Fraktioun begreist e méi séieren Zougang zum Aarbechtsmaart, dass de Flüchtling ebe schonn ab sechs Méint d'Recht huet, schaffen ze goen, an net méi no néng Méint wéi bis elo.

Gutt Usätz sinn och an de Mesuren, déi elo an der Formation professionnelle geholl solle ginn, an dass och vill Wäert op de Sproocherwerb soll geluecht ginn. Wichteg ass, dass déi jonk Meedercher a Jongen net einfach beschäftegt ginn, mä eppes léieren, an dass mir hinnen och domadder d'Dier opmaachen, fir sech besser kënnen ze integréieren.

Wien de Schrëtt ze flüchte beschléisst, huet meeschtens näischt méi ze verléieren. En hëlt e gefeierlechen Trajet op sech, an net emol d'Gefor, an engem Transitland am Prisong ze landen oder am Mëttelmier ze erdrénken, hält dës Leit dovunner of, d'Rees a Richtung Europa ze maachen! Dofir, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi grouss muss de Misär sinn, fir sech do op déi gefeierlech Rees ze beginn!

Vill Leit hei am Land wëssen ëm déi Nout a wëllen, dass Flüchtlingen, déi grad alles verluer hunn, bei eis eng fair Chance kréien. D'Hëlfebereetschaft ass enorm an huet vill verschidde Facetten, vu Kleeder- a Babyaterialkollekten iwwer Flüchtlingstreffen am Quartier bis hin zur Hausaufgabenhëllef a Fräizäitaktivitéiten.

Leider gëtt et och déi aner Säit. D'lescht Woch war d'Uerteel vun enger sougenannter Haass-Affär, wou dräi Persounen sech op Facebook vis-à-vis vu Flüchtlingen a Mosleme ausgelosst hunn.

Wien ni mat Migranten a Flüchtlingen a Kontakt kënnt, kann dat Friemt als ongewéinlech oder stéierend empfangen. Émgedréint gëllt, wou Mënsche vu verschiddener Hierkonft an Nationalitéit zesummekommen, mierke se, dass déi aner och einfach nëmmen Mënsche si wéi si an dass et kee Grond gëtt, Ängschten ze hunn. Mënschen ze begeien ass eppes anescht wéi iwwer Statistiken ze schwätzen!

Eng ganz wichteg Roll beim Encadrement vun den Demandeur spillen och Organisatiounen wéi d'Croix-Rouge, d'Caritas an déi sëllech Bénévollen, déi eng Hand mat upaken an e Bild vun eisem Land zeechnen, dat Mënschlechkeet a Solidaritéit weist. Dat ass e gutt Gefill an déi positiv Well solle mer weider ënnerstëtzen!

Ofschléissend wëll ech ervirhiewen, dass d'LSAP sech bewusst ass, dass dat do alles net einfach gëtt. Problemer wäerten net ausbleiwen. Mir sinn enorm gefuerdert a müssen oppassen, dass mer herno net iwwerfuert sinn. Dat soll awer alles keng Excuse sinn, fir léiwer näischt wëllen ze maachen. Weder zou Grenzen, Stacheldrot nach d'Gefor, am Mëttelmier ze erdrénken, hält d'Mënschen dovunner of, dës gefeierlech Rees ze maachen, fir eng Zukunft ze hunn.

Et ass e Gebot vu Mënschlechkeet, Mënschen an Nout ze hëllefen. Erfollegräich Integratioun ass awer keen Zoufall. Et ass e gesamtgesellschaftlech Prozess. Déi zwou Säite si gefrot a müssen openeen duergoen an Efforte maachen. Mir mussen kucken, wéi mer hei am Land wëllen zesummeliwien a mussen versichen, e Klima entstoen ze loosse, dat vu géigesäitgem Respekt, Vertrauen a gemeinsamer Responsabilitéit gepräagt ass.

Dozou ginn et Rechter an awer och Flichten. Mir hëllefen hinnen, bei eis Schutz ze kréien a gegebenenfalls eng nei Existenz opzebauen, a si müssen d'Prinzipie vun eiser Demokratie respektéieren souwéi eise Rechtsstat mat senge Gesetzer. Nëmme gemeinsam kënnen mer d'Erausfuereunge packen an dofir mussen mer och derfir suergen, dass hei kee Spillfeld fir parteipolitesch Zwecke entstoe gelooss gëtt!

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och der Madamm Bofferding. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm an d'Wuert huet fir d'Antwort den Här Statsminister. Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*** - Här President, ech wollt just Merci soen: Merci fir dësen Débat. Merci fir d'Ennerstëtzung a virun allem, dass mer bewiesen, wann onst Land viru groussen Défie steet, dass heibanne keng Parteipolitik gemaach gëtt. Ech soen Iech Merci. Dat ass Lëtzebuerg!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och dem Här Statsminister. An, vu dass mer keng Motiounen oder Resolutioun hunn, gi mer iwwer zum nächste Punkt vun dem Ordre du jour, an zwar de Projet 6454B iwwert den Assurancëkontrakt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet direkt déi honorabel Rapportrice, d'Madamm Joëlle Elvinger. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

13. 6454B - Projet de loi portant modification de:

1) la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance

2) la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative:

- **aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois**

- **aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op dëser Plaz maachen ech Iech elo de Rapport zu engem Gesetzestext, deen den Assurancësektor betrëfft.

Mir wëssen all heibannen, wéi wichteg d'Entreprise an deem Sektour fir eis Wirtschaft sinn, éischtens, well se méi wéi 4.000 Leit eng Schaff bidden, an zweetens, well si et duerch hiren Know-how fäerdegbréngen, weltwäit eenzegarteg ze sinn. Besonnesch bei de Liewensversicherung vertrieben dës Entrepreneuren eis Faarwe mat Bravour! Wa mer wëllen, dass dës esou bleift, da mussen mer och derfir suergen, dass déi gesetzlech Basis, op deenen dës Aktivitéite fousse, zolidd ass.

Besonnesch um europäeschen Niveau kréie mer ëmmer erëm nei Regeln an deem Domän virgeschriwwen, wouduerch mer eis national Gesetzslag weider upasse müssen. Wann een awer hei an do Upassungen virhëlt, da muss ee vun Zäit zu Zäit och dee ganzen Text op seng Kohärenz a seng Lieserlechkeet iwwerpréieren. A genau dat maache mer haut de Mëttag, andeems mer e puer technesch Adaptatiounen virhuelen.

Et handelt sech hei ëm dat modifizéiert Gesetz vun 1997 iwwert de Contrat d'assurance souwéi ëm dat modifizéiert Gesetz vun 1994 iwwert d'Comptes annuels vu Versécherungsgesellschaften.

Här President, de Projet de loi ass de 25. Juli 2012 vum deemolege Finanzminister déposéiert ginn, du mat der Nummer 6454. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 15. Oktober 2012 ugeholl an de Statsrot huet säin Avis den 22. Januar 2013 finaliséiert.

D'Observatiounen vum Statsrot hunn dozou gefouert, dass den initiale Gesetzestext dunno opgedeelt ginn ass. De 24. Mäerz dës Joer hat ech op dëser Plaz schonn d'Geleeënheet, Iech de Rapport zum éischten Deel vun dësen Dispositiounen ze maachen. Deemools ass et drëms gaangen, absichtlech Diskriminatiounen tëschent de Geschlechter ze verhënneren, dës nom Arrêt vun der Cour de justice de l'Union européenne „Test-Achats“. Haut ass dann den zweeten Deel un der Rei, dat mam Projet de loi 6454B.

No verschiddenen Amendementer vum 24. Mäerz 2015 huet de Statsrot den 30. Juni säin Avis complémentaire adoptéiert. D'Finanz- a Budgetkommissioun huet de schrëftleche Rapport an hirer Sëtzung vum 29. September 2015 ugeholl.

Här President, ouni op dëser Plaz ze vill wëllen an den Detail ze goen, kann een déi technesch Upassung vun dësem Projet de loi an zwee Beräicher opdeelen. Op där enger Säit gi verschidden Dispositiounen vun der europäescher Direktiv mam Numm „Solvency II“ transposéiert. Et geet hei drëms, d'Regelen, déi den Assurancësektor concernéieren, europawäit ze kodifizéieren an ze harmoniséieren, soudass dës Entreprise verschidde Kapitalreserven accumuléieren müssen, fir géint eng eventuell Insolvenz gerüst ze sinn.

Ech erënneren awer och drun, dass mer an deene kommende Wochen hei an der Chamber nach méi ausfeierlech iwwert dës Direktiv schwätzen wäerten, dat, wann de Projet de loi 6456 op den Ordre du jour kënnt, dee Solvency II ganz transposéiert. Esou wéi mer an deene leschte Méint de Bankesystem stabiliséiert hunn, wäert dann och elo de Regime vun den Assurancëgesellschaften gefestegt ginn.

Fir dës Transpositioun virzebereeden, huelle mer haut schonn zwou Ännerungen vir:

Éischtens setze mer haut an d'Gesetz vun 1994 e Kapitel 11ter derbäi, wat déi sougenannten „réserves distribuables en cas d'évaluation à la juste valeur“ ugeet. Dës steet am Lien mat den neie Valorisationen regelen vu Solvency II, wou d'Avoire vill méi genau analyséiert gi mussen wéi bis elo, fir d'„juste valeur“ ze ermëttelen.

Dann ass et esou, dass et fir d'Assurancëgesellschaften am Moment méiglech ass, sech géint d'Volatilitéit vum Resultat ofzesécheren, dat andeems se eng sougenannten „provision pour égalisation“ uleeën. Dat ass en technesch Mëttel, fir d'Resultat an der Zäit ofzeflaachen, andeems e Benefiss vun haut mat enger Perte vu muer kann zesummegeluecht, also égaliséiert ginn. Dës Method fällt awer duerch Solvency II ewech, well dës Risiken dann direkt iwwer Eegemëttel couvriert gi müssen.

Mir ginn dovun aus, dass och de Projet de loi 6456 nach virum Enn vum Joer gestëmmt gëtt, soudass déi zwee Assurancëprojeten, de 6454B souwéi och de 6456, dann zesammen den 1. Januar 2016 a Kraaft triede kënten.

Op där anerer Säit geet et drëms, verschidden Dispositiounen zur Protection juridique an engem Text zesammenzefaassen, an zwar am Gesetz vun 1997. Bis elo sinn dës Dispositiounen a verschiddenen Texter verspreet, dat am Assurancëgesetz vun 1991, a sengem Règlement d'exécution an am modifizéiert Gesetz vun 1997 iwwert de Contrat d'assurance. Et kënnt am Moment esouguer vir, dass verschidde Regeln duebel existéieren! Wa mer dat elo alles op enger Plaz hunn, mécht dat d'Liewe vum Assurancësektor och méi einfach.

Här President, eis Welt ass schnellig, a fir dass eis Entreprise mat deene Beschte kënnen mathalen, mussen si ëmmer op der Héicht sinn. Et ass dofir d'Aufgab vun engem effiziente Stat, seng eegen Texter ëmmer um leschte Stand ze halen. De Gesetzestext, deen hei virläit, adaptéiert eis Legislatioun un déi aktuell europäesch Evolutiounen a mécht eis Gesetzslag méi iwwersichtlech. Dës kann eisem Assurancësektor nëmmen zeguttkommen!

Ech wëll dann och dovu profitéieren, fir dem Finanzminister a sengen Beamten aus dem Ministère souwéi och de Leit vum Commissariat



aux Assurances e grouse Merci ze soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht mam Parlament.

An ech ginn den Accord vun der liberaler Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Elvinger. An den Här Gilles Roth huet direkt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech soen am Numm vun der CSV-Fraktioun dann och der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir hire schrëftlechen awer och mëndleche Bericht.

Si huet virdu gesot, dass et hei ëm d'Ëmsetzung vun engem Deel vun der Direktiv „Solvency II“ geet. Dat ass eng wichteg Direktiv fir eisen Assurancësektor. An dat, wat eigentlech dobäi virrang ass, dat ass, dass d'Assurancen an d'Reassurancen, déi zu Lëtzebuerg tätég sinn, sech eigentlech iwwer Jore schonn, och ënnert der Federführung vun dem Kommissariat, ënnert dem fréiere Kommissär an dem jëtzen, ëm d'Ëmsetzung vun der Direktiv beméit hunn, wat och e wesentleche Faktor vun der Wettbewerbsfäegkeet vun eise Assurancësektor ass.

Den zweete Punkt ass deen, an d'Madamm Elvinger huet dat ënnerstrach, dass och de sogenannte Contrat d'assurance, wat d'Protection juridique ubelaangt, dass déi net méi an x Texter disparat erëmzesichen ass, mä dass dat fir de Bierger dobaussen och vill méi einfach ass, dass déi sech nämlech elo an engem Texte coordonné vu '97 erëmfannen. Aus all deene Grënn kann d'CSV dësem Text zoustëmmen.

A grad ewéi d'Madamm Elvinger et gesot huet, wësse mer an der Finanzkommissioun, dass dat hei Texter sinn, déi fir jiddwereen do extrem schwéier lieserlech sinn, an dofir soe mer de Leit vun dem Kommissariat, awer och vum Ministère selwer, an dem Finanzminister Merci, dass se dat esou gutt och am Interessi vun onser Finanzplaz an Assurancëwelt hei maachen. An ech mengen, d'Assurancë si frou, dass deen Text a Kraaft ass.

An alleguerten deene successiv Rapporteur - den Norbert Haupt, dat war deen éischte Rapporteur, deen designéiert war, vun dësem Text, hie war ëmmer en charge vun TVAs-Texter a vun Assurancëtexter -, soe mer vun dëser Plaz och Merci a mir hoffen, dass dann deen Text, wann en haut gestëmmt ass, och kann deementsprechend a Kraaft trieden.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. An d'Wuert huet direkt den Här Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Och vu mir a vu menger Fraktioun e grouse Merci un d'Rapportrice fir dee gudden Rapport. Ech mengen, et ass bal alles gesot zu dësem Projet de loi. Mir wäerten natierlech als Fraktioun och e bësse méi detailléiert op „Solvency II“ agoen, wann dee Projet de loi bis kënnt, wou jo den Haptdeel vun där wichtiger Direktiv dann transposéiert geet.

Mä en attendant ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Fayot. D'Madamm Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, mir soen der Rapportrice Merci fir hire Aarbecht a stëmmen deem Projet de loi zou.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Dann huet den Här Finanzminister direkt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Merci dem Joëlle Elvinger fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee ganz kloer war an enger Matière, déi effektiv ganz technesch a komplizéiert ass.

Mir hunn hei am Fong geholl dräi Elementer, déi mer méi kloer an d'Gesetz schreiwen. Dat eent ass d'Protection juridique, d'Protektioun vun den Assuréeen, déi hei gestärkt gëtt a clarifiéiert gëtt an an d'Gesetz geschriwwen gëtt. Dat Zweet, dat Wuert ass net gefall, mä et ass ganz wichteg: dass ee kann d'Provision de sinistralitéit weider an eise Lëtzeburger Gesetz gebrauchen, wat ganz wichteg ass fir d'Reassurancen, där mer der 220 zu Lëtzebuerg hunn. An dat Drëtt ass en fait, fir eng Neutralitéit ze bewahren an der Manéier, wéi d'Distributioun vun de Benefisser am Assurancësektor gemaach gëtt.

Wéi richtig gesot ginn ass, ass dat heiten nëmmen en Deel vu Solvency II, deen ëmgesat gëtt. A mir mussen alles maachen, fir dass Solvency II bis Enn des Joers - an deen Deel, deen haut nach net hei um Dësch ass - soll fäerdeg ginn. An der Kommissioun sinn do Amendementer proposéiert ginn. Déi leien elo beim Conseil d'État an ech hoffen, dass mer relativ séier do en Echo kréien, fir dass dann déi zwee Deeler vun der Ëmsetzung vu Solvency II zesummen den 1. Januar 2016 kënnen a Kraaft trieden.

Dat an engem Kontext, muss ech soen, wou et dem Assurancësektor de Moment zu Lëtzebuerg relativ gutt geet. D'lescht Joer hate se e Rekordjoer, wat d'Profitter ubelaangt, an och dëst Joer gesäit et relativ gutt aus. An déi heite Challengementer wäerten d'Kompetitivitéit vum Sektor an d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg stärken.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Finanzminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6454B kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6454B et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

59 Participatiounen bei der Ofstëmmung: 57-mol Jo, zwou Abstentiounen. Ech hu keng Demande, fir d'Abstentiounen ze motivéieren. Domat ass de Projet ugeho.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6454B est adopté par 58 voix contre 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher (par M. Jean-Marie Halsdorf), Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Marc Spautz), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Lex Delles), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Kriepe, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméisge Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Merci villmools!

Mir géifen dann zum nächste Projet vun eiser Dagesuordnung kommen, dem Projet 6828 iwwert d'Participatioun vu Lëtzebuerg un der Association internationale de développement. D'Wuert huet direkt den Här Guy Arendt. Et sief just rappeléiert, dass d'Riedezäit nom Basismodell festgehalten ass. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

14. 6828 - Projet de loi approuvant la participation de Grand-Duché de Luxembourg à la 17^e reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann een am Ausland no Lëtzebuerg freet, da kommen ëmmer zwee Fakten op den Dësch: Mir hunn eng staark Finanzplaz a mir investéiere konsequent an d'Entwécklung vu Regiounen, an deenen et de Leit net esou geet wéi bei eis. Mir sinn eent vun deenen eenzege Länner op der Welt, dat 1% vu sengem Räichtum fir Entwécklungshëllef ausgëtt. An ech ka mech nach gutt erënneren, wéi de Premierminister heibanne gesot huet, dass mer dësen Objektiv net géifen opginn, och net an Zäiten, an deene mer eise Budget konsolidéiere mussen. Ech kann deem nëmmen zoustëmmen, well Finanzen an Entwécklung gi mateneen, net géinteneen. Mir héieren an der Lescht vill vun der Migratiounskris. Genau dowéinst muss mer weider dru festhalen, de Leit do ze hëllefen, wou si selwer hiert Liewe gestalten kënnen, do, wou se hir Famill hunn.

Här President, d'Association internationale de développement, oder ofgekierzt AID, ass nieft der Banque internationale pour la reconstruction et le développement, zu där ech den 11. März op dëser Plaz geschwat hunn, deen zweeten Aarm vun der Weltbank, fir d'Ënnerentwécklung unzegoen. Zënter 1960 gëtt si deene Länner Präten, déi et ganz schwéier hunn, hir Schold zrëckzebezuelen. Si mécht dat zu ganz favorable Konditiounen oder carrément duerch Donen. Duerch dës Efforten ënnerstëtzt si Projeten a 77 vun deenen ärmste Länner, Projeten, déi d'Liewe vun insgesamt 2,8 Milliarde Leit direkt verbessert hunn. Duerch d'Method vum Multilateralismus ënnerstëtzt si Projeten, déi der Populatioun wierklech zeguttkommen, an net Investisementer, déi national Interessie vu verschiddeenen Donateurs vertrieben.

All dräi Joer treffe sech alleguerten d'Memberlänner, fir de Budget vun der AID nei opzestocken. Déi 17. Period leeft an dësem Moment an och Lëtzebuerg ass nees gefrot, seng Engagementer ze huelen. Et ass fir eis nëmme

selbstverständlech, dass mir déi Responsabilitéit weider droen.

Här President, de Projet de loi, iwwert deen ech lech op dëser Plaz de Rapport maachen, erlaabt et der Regierung, hir Obligatiounen bei der AID ze aktualiséieren, dat an der Héicht vun iwwer 50 Milliounen Euro, e Betrag, deen iwwer néng Joer étaléiert ass. Jo, dat si sécherlech vill Suen, mä dat muss eis de Fridden op dëser Welt wäert sinn!

Den Text vum Projet de loi gouf den 18. Juni 2015 vum Finanzminister déposéiert. De Statsrot huet säin Avis formuléiert, an de 6. Oktober huet d'Finanz- a Budgetkommissioun de schrëftleche Rapport ugeho.

Duerch de virleienden Text ka Lëtzebuerg seng Part vun 0,19% an dem Gesamtdéveloppement vun der AID bäibehalen, wat bal 1,5 Millioune méi si wéi an der viregter Period.

Wéi gesot, déi gutt 50 Milliounen Euro, déi mer haut zur Verfügung stellen, ginn net all op ee Coup ausbezuelet. Fir dëst Joer sinn et bal 3,8 Milliounen, fir 2016 sinn et bal 6 Milliounen. Dat Ganzt leeft iwwer e Bon du Trésor.

Här President, ech si frou, dass dës Regierung weider un hirer resolutter Entwécklungspolitik festhält. Et ass richtig, wa mer de multilateralen Hëlfsorganisatiounen déi néideg Ressourcë bereetstellen, fir dass si mat hirem Know-how deenen ärmste Mënschen op eise Planéit hëllefe kënnen. An dofir hoffen ech och, dass mir all heibannen e staarkt Zeeche vu Solidaritéit setzen, andeems mer dësem Text zoustëmmen.

Ech wëll dann awer och nach dem Finanzminister a senger Leit fir déi gutt Zesummenaarbecht Merci soen. Besonnesch ënnersträiche wëll ech dat ganz gewëssenhaft Ausfalle vun de Fiches d'évaluation d'impact zum Projet de loi. Ech si frou ze gesinn, dass am Finanzministère ganz genau gepréift gëtt, wéi eng Auswirkungen e Gesetzestext op eis ganz Gesellschaft huet, fir esou d'Kohärenz vun der Politik sécherzestellen.

Well mir vum virleiende Gesetzestext iwwerzeegt sinn, bréngen ech och hei den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt den Här Laurent Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, well den Här Rapporteur Guy Arendt esou kloer an esou komplett souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport war, wéi mer dat iwwregens ëmmer vun him gewinnt sinn, bleift mir näischt weider iwwreg, wéi him e ganz grouse Merci ze soen an den Accord vun eiser Fraktioun ze bréngen.


► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dann hätt d'Wuert den Här Claude Haagen, deen ech elo iwwerrascht hunn.

► **M. Claude Haagen (LSAP).** - Neen, neen, Dir hutt mech net iwwerrascht, mä normalerweis sollt den Här Fayot dat maachen, hien ass erëm. Dat ass awer kee Problem. Ech géif natierlech mech deem uschlëssen, wat de Kolleeg Laurent Mosar gesot huet, an och villmools Merci soe fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport an natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Merci. An dann d'Madamm Viviane Loschetter.



d'Chamber online op
www.chd.lu